N°2861
Entrée le 12.09.2025
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 15.09.2025
Chambre des Députés

LSAP

Monsieur Claude Wiseler
President vun der Chamber

Lëtzebuerg, den 12. September 2025

Här President,

Esou ewéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden mir Iech, dës parlamentaresch Fro un den Aarbechtsminister weiderzeleeden.

Am Abrëll 2025 huet den Aarbechtsminister an der Chamber op eng mëndlech Fro geäntwert, dass „geschwënn“ e Gesetzesprojet géif deposéiert ginn, deen e congé extraordinaire fir Mammen a Pappen no Feelgebuerte géif virgesinn an zudeem „weider sozial Moossname“ soll enthalen, déi „d'Liewe vu Famille mat Kanner konkret verbesseren“.

An deem Kontext wéilte mir dem Minister follgend Froe stellen:

- Wou sinn d'Aarbechten um Gesetzesprojet fir e Congé no Feelgebuerten aktuell drun?

  Bis wéini ka mat engem Depot an der Chamber gerechent ginn?
- Wéi eng „weider sozial Moossnamen“ wäert de Gesetzesprojet konkret enthalen?

Mat déiwem Respekt,

Claire Delcourt
Députée

Liz Braz
Députée

#ZESUMMEN

Groupe parlementaire du LSAP
34, rue du Marché-aux-Herbes
L-1728 Luxembourg

Tél: (+352) 22 59 14-1
Fax: (+352) 22 59 14-82
lsap@chd.lu

lsap.lu